N°8206
Entrée le 03.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro n°6873 huet d'Madamm Minister mir een Tableau zoukomme gelooss mat all den Oflaafdatumer vun de Vaccinen zu deem Moment. Dësen Tableau huet Informatiounen bis zum 31.07.2023 enthaalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun de Flaconen, déi een am Tableau vun der Äntwert vum 19ten Oktober 2022 kann noliesen, sinn um Enn zerstéiert ginn? Respektiv un d'Hiersteller fir eng Zerstéierung zréck gi ginn?
2. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?
3. Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten insgesammt zerstéieren? Kann d'Regierung opläschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?
4. Wéi héisch war de Käschtepunkt bis elo insgesamt vun deenen zerstéierte Flaconen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N° 8206
Entrée le 18.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8206 vum 3. August 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi vill vun de Flaconen, déi een am Tableau vun der Äntwert vum 19ten Oktober 2022 kann noliesen, sinn um Enn zerstéiert ginn? Respektiv un d'Hiersteller fir eng Zerstéierung zréck gi ginn?*

Fir an de Négociatiounen mat de Produzente eng besser Positioun ze hunn, huet Lëtzebuerg sech um gemeinsamen Approvisionnement vun Impfdosen vun der Europäescher Unioun bedeelegt and ass deemno, genau esou wéi all anert Land aus der EU, kontraktuell gebonnen eng proportionell Unzuel vun Dosen mat anzekafen. Genau wéi et och an deenen anere Länner vun der EU de Fall ass, war et och a Lëtzebuerg net méiglech ze verhënneren, dass eng gewëssen Unzuel vu Flacon’en aus diverse Grënn hu missten zerstéiert ginn.

Vun den Flacon‘en, déi am Tableau vun der Äntwert vum 19. Oktober 2022 opgeléscht waren, sinn folgend Flacon’en an Dosen zerstéiert ginn:

| Péremptions par vaccins | Flacons | Doses/ flacons | Doses |
|---|---|---|---|
| **Novembre 2022** | | | |
| **[163149] PFIZER BIONTECH ADULTE-RTU COVID 19 VACCINE 1 VIAL** | | | |
| **30 nov. 2022** | 5760 | 6 | 34560 |
| **Juin 2023** | | | |
| **[159472] JANSSEN COVID 19 VACCINE 1 VIAL** | | | |
| **30 juin 2023** | 1024 | 5 | 5120 |
| **Juillet 2023** | | | |
| **[159472] JANSSEN COVID 19 VACCINE 1 VIAL** | | | |
| **31 juil. 2023** | 5280 | 5 | 26400 |
| **Novembre 2022** | | | |
| **[163621] MODERNA COVID 19 VACC 1 VIAL SPIKEVAX** | | | |
| ~~**20 août 2022**~~ **20 nov 2022** | 16 | 10 | 160 |
| ~~**27 août 2022**~~ **27 nov 2022** | 359 | 10 | 3590 |
| **Décembre 2022** | | | |
| **[163621] MODERNA COVID 19 VACC 1 VIAL SPIKEVAX** | | | |
| ~~**10 sept. 2022**~~ **10 dec 2022** | 65 | 10 | 650 |
| ~~**20 sept. 2022**~~ **20 dec 2022** | 240 | 10 | 2400 |
| ~~**22 sept. 2022**~~ **22 dec 2022** | 120 | 10 | 1200 |
| **Janvier 2023** | | | |
| **[163621] MODERNA COVID 19 VACC 1 VIAL SPIKEVAX** | | | |
| ~~**09 oct. 2022**~~ **9 janv 2023** | 219 | 10 | 2190 |
| ~~**17 oct. 2022**~~ **17 janv 2023** | 120 | 10 | 1200 |
| ~~**20 oct. 2022**~~ **20 janv 2023** | 220 | 10 | 2200 |
| ~~**27 oct. 2022**~~ **27 janv 2023** | 360 | 10 | 3600 |
| **[170000] NOVAVAX NUVAXOVID 1 VIAL 0.5 ML** | | | |
| **31 decembre 2022** | 3426 | 10 | 34260 |
| **Mars 2023** | | | |
| **[170005] MODERNA SPIKEVAX 0,1 MG/ML ZERO/OMICRON 1 VIAL 2,5 ML MULTIDOS** | | | |
| **27 mars 2023** | 7585 | 5 | 37925 |
| **Mai 2023** | | | |
| **[170005] MODERNA SPIKEVAX 0,1 MG/ML ZERO/OMICRON 1 VIAL 2,5 ML MULTIDOS** | | | |
| **18 avril 2023** | 11720 | 5 | 58600 |
| **Juin 2023** | | | |
| **[170005] MODERNA SPIKEVAX 0,1 MG/ML ZERO/OMICRON 1 VIAL 2,5 ML MULTIDOSE** | | | |
| **02 juin 2023** | 11276 | 5 | 56380 |
| **09 juin 2023** | 1640 | 5 | 8200 |
| **12 juin 2023** | 2040 | 5 | 10200 |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*2. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?*

Den folgenden Tableau renseignéiert iwwert den Stock op den 18. Oktober 2023.

| Péremptions par vaccins | Flacons | Doses/ flacon | Stock Doses |
|---|---|---|---|
| **[148650] PFIZER BIONTECH ADULTE 30ug COVID 19 VACCINE 1 VIAL** | | | |
| **31 oct. 2023** | 22076 | 6 | 132456 |
| **30 nov. 2023** | 30225 | 6 | 181350 |
| **30 dec. 2023** | 390 | 6 | 2340 |
| **[163711] PFIZER PEDIATRIQUE COVID 19 VACCINE 1VIAL 5-11 y orange** | | | |
| **30 avril 2024** | 2331 | 10 | 23310 |
| **[170008] PFIZER PEDIATRIQUE COVID 19 VACCINE 1VIAL 6m-4y maroon** | | | |
| **30 juin 2024** | 1913 | 10 | 19130 |
| **[170000] NOVAVAX NUVAXOVID 1 VIAL 0.5 ML** | | | |
| **31 dec 2023** | 3400 | 10 | 34 000 |
| **[170003] PFIZER COMIRNATY ADULTS RTU BA.1 TOZI/RILTOZI (GRIS) 1 VIAL** | | 6 | |
| **30 avril 2024** | 13264 | 6 | 79584 |
| **[170004] PFIZER COMIRNATY ADULTS RTU BA.4/BA.5 ORIGINAL/OMICRON (GRIS) 1 VIAL** | | | |
| **30 juin 2024** | 6199 | 6 | 37194 |
| **31 juillet 2024** | 15370 | 6 | 92220 |
| **[170010] PFIZER COMIRNATY CHILDREN COVID 19 VACCINE 1VIAL 5-11 y BA4.5** | | | |
| **31 août 2024** | 958 | 10 | 9580 |
| **[170011] PFIZER COMIRNATY TRIS-ADULTS RTU 30MCG XBB.1.5 MONO** | | | |
| **31 oct. 2024** | 480 | 6 | 2880 |
| **31 oct. 2024** | 480 | 6 | 2880 |
| **31 oct. 2024** | 480 | 6 | 2880 |
| **31 jan. 2025** | 1440 | 6 | 8640 |
| **[170012] PFIZER COMIRNATY CHILDREN TRIS-5-11 DUT 10MCG XBB.1.5 MONO** | | | |
| **31 oct. 2024** | 480 | 10 | 4800 |
| **[170013] PFIZER COMIRNATY PEDIATRIE TRIS-6MO-4 DTU 3MCG XBB1.5 MONO** | | | |
| **31 oct. 2024** | 480 | 10 | 4800 |

*3. Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten insgesammt zerstéieren? Kann d'Regierung opléschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?*

Op den 18. Oktober 2023 goufen 755 240 Dosen zu Lëtzebuerg zerstéiert respektiv fortgeschéckt vir zerstéiert ze ginn, dorënner:

- AstraZeneca: 17.900 Dosen
- Janssen: 31.520 Dosen
- Novavax: 61.550 Dosen
- Pfizer: 52.410 Dosen
- Moderna: 591.860 Dosen

Divers (gebrachen Flacon'en, nët korrekt Manipulatiounen, Dokteren déi d'Flacon'en net receptionnéiert hunn, Ennerbriechung vum Killprozess): 112 Dosen

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*4. Wéi héisch war de Käschtepunkt bis elo insgesamt vun deenen zerstéierte Flaconen?*

De Gesamtkäschtepunkt vun den zerstéierten Dosen gëtt op EUR 16°789°430.15 geschat, wuelwëssend dass d'applizéiert Wiesselcours'en zum Zäitpunkt vun den Paiementer vun den verschiddenen Rechnungen den Gesamttotal liicht änneren kënnen.

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert